[National](#) - Schoulrentrée

# Proffe si manner onzefridde wéi Schoulmeeschteren a Léierinnen

RTL|Update: 12.09.2019 12:24

Eng Majoritéit vun de Proffe fillt sech an hirem Beruff net unerkannt a respektéiert. Si sinn och net an hirem Beruff zefridden, halen awer gäre Schoul.

Dat huet eng Ëmfro vum SEW erginn, dem Syndikat Erzéiung a Wëssenschaft am OGBL.

D'Resultater ginn an déi ähnlech Richtung wéi schonn am Fondamental, sinn awer manner däitlech: 70% fille sech an hirem Beruff net respektéiert, an der Grondschoul sinn et 85%.

62% sinn net zefridden an hirem Beruff, och do waren et 85% am Fondamental. Allgemeng sinn d'Proffe manner onzefridde wéi d'Schoulmeeschteren an d'Léierinnen, fille sech nach méi als Respektspersoun.

370 Enseignanten hu bei der Ëmfro matgemaach... vun iwwer 4'400 am Secondaire. Dat sinn däitlech manner Äntwerte wéi am Fondamental. De Gewerkschaftspresident Patrick Arendt mengt awer schonn, datt d'Resultater representativ sinn. Et hätt ee leider net d'Méiglechkeet wéi de Ministère, fir all d'Leit unzeschreiwen, fir datt se matmaachen.




Et gi vill Problemer an de Schoulen, déi gëllt et ze léisen, sot den SEW e Mëttwoch de Moien op senger Rentréespressekonferenz. D'Reformen déi lescht Joren hätten och d'Eltere veronséchert.

Vum Minister Claude Meisch fillt ee sech schlecht behandelt an net verstanen. Bei der leschter Reunioun virun zwee Méint wär ee schockéiert gewiescht iwwer d'Iwwerhieflechkeet.

Déi politesch Responsabel wäre sech net de Problemer bewosst a géifen se ignoréieren.